

hei een Délai de prescription vun 10 Jor géif spillen, well déi hun oft Gelder déposéiert, déi méi wéi 10 Jor do stin, an d'Trésorerie de l'Etat géif deemnächst soen; et deet eis leed, déi sin elo prescrivéiert, déi sin an eiser Propriétéit. Dat géif mech souguer vläicht an deem engen oder anere Fall a Schwiregkete kënne bréngen, well à titre de curateur ech och Gelder bei der Caisse de consignation stoen hun.

Et as awer nët dowéinst, datt d'Commission des Finances derfir plädéiert, fir den Délai vun 30 Jor bäizebehalen, esou wéi de Conseil d'Etat dat proposéiert huet.

Dat sin déi puer Prezisiounen, déi dësen Text bréngt, déi wuel nët weltëmwerfend sin, déi awer hir Utilitéit hun. Ech recommandéieren der Châmber, den Text esou ze stëmmen, wéi d'Finanzkommissioun e proposéiert.

M. le Président.- Den Här Henri Grethen huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wéi säi Virriedner huet den Här Rapporteur Lucien Weiler säi Rapport excellent virgedroen. En huet eis all d'Prezisioune gin, a méng Fraktioun wäerd deem Projet hir Zoustëmmung gin.

M. le Président.- Den Här Jean Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President. Den Här Lucien Weiler war iwwerzeugend a sängen Ausféierungen. Och mir kënnen eis Zoustëmmung gin.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President. Ech wëll den Här Lucien Weiler félicitéiere fir séng excellent Aarbecht a bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Fernand Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President. E Merci un de Rapporteur fir säi Bericht. D'Zoustëmmung fir dee Projet ebefalls vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Diskussioun as ofgeschloss, a mir maachen d' Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 10 si gelies an ugeholl.

De Vote geschitt an der nächster Sitzung.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4464 iwwer d'Publicité foncière. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här Lucien Weiler.

5. Projet de loi 4464 portant modification de la loi du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Regierung huet de 25. August vum leschte Jor e Gesetzesprojet an der Châmber déposéiert, deem d'Professioun vum Geometer soll nei reglementéieren, en Ordre luxembourgeois fir d'Geometere soll aféieren, an deem eng ganz Rei vun neien Dispositiounen, wat de Kadaster ubelaangt, virgesäit.

Et as en zimlech voluminöse Projet, dee fundamental nei Weer geet, notamment dass mer d'Professioun vum Geometer u sech liberaliséieren, an deem Sënn, wou Geometere an Zukunft nët nëmme Fonctionnaire d'Etat sin, mä dass och privat Geometere agréiert gin.

Et as dem Staatsrot nët gegléckt, fir en temps utile dëse Projet ze aviséieren, fir dass mer dee kënnte stëmmen. Et as allerdings esou, dass an deem Projet eng Dispositioun dran as betreffend een Délai, deem am Gesetz vun 1988 iwwer de Cadastre vertical as. Et as do en Délai vun 10 Jor virgesinn, deem de Kadaster huet, fir d'Mesuragé vun all denen Immeublen, déi en copropriété sin, virzehuelen. Or, deem Délai geet de loin nët duer. Mir hun e puer dausende vu gréissere Copropriétéiten, an et sin der ewell eréischt e puer honnert, déi definitiv ausgemeoss sin, esou dass et absolut noutwendeg as, fir deem Délai, deem an dësen Deg ausleecht, verlängert ze kréien.

De Conseil d'Etat, well en déi Problematik agesinn an unerkannt huet, dass en nët géif fäerdeg gi mat engem Avis iwwer de ganze Projet, huet en Avis gemaacht iwwer déi Dispositioun, déi deem Délai vun 10 Jor fir de Kadaster ëm fënnf Jor verlängert. Mir hun de Projet du getrennt an dee betreffenden Artikel erausgeholl, well eng Urgence besteet, fir d'Verlängerung vun deem Délai ze regulariséieren.

Ech muss allerdings soen, elo gët deem Délai ëm fënnf Jor verlängert, a wann ech gesinn, wat an dene leschten 10 Jor méiglech war u Mesuragen, a wéivill Copropriétéiten nach duerchzehuele sin, da weess ech nët, ob deem Délai vu fënnf Jor duergeet. Wann een d'Proportioune géif huelen, dann hätt ee minimum 20 Jor bäizesetzen. Wa mer elo awer dee Projet hei gestëmmt hun, a mir hu mat der Neireglementatioun vum Geometer eng nei Méiglechkeet an deem Sënn, wou och privat Geometere kënnen dës Aarbecht maachen, dann as et vläicht an Zukunft méiglech, dass mer méi schnell virukommen. Obwuel mir fannen, dass deem Délai vu fënnf Jor kuerz bemooss as, musse mer dat elo awer maachen, fir nët e Vide ze kréien.

M. le Président.- Den Här Grethen huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den Här Rapporteur huet rappéléiert,

dass d'ës en Deel vun engem Projet as, dee virum e puer Méint vun der Regierung abruecht gouf.

Ech hu mech fir den Deelaspekt vun deemem Projet scho viru Joren interesséiert, hat och an enger Question parlementaire virum e puer Jor d'Regierung gefrot, ob se net der Meinung wir, dass deen Délai misst verlängert gin. Deemools as mir gesot gin, d'Regierung géif en temps utile drop zréckkommen. Ech hat bei de leschte Budgetsdebatten drop opmierksam gemaacht, dass een eventuell misst, och wann dat net an der Technique législative de Puriste géif Satisfaktioun gin, en zousätzlechen Artikel an d'Budgetsgesetz aschreiwen. Et as gutt, dass d'ës Gesetz esou schnell elo ka gestëmmt gin an domat keng Rechtsongesécherheet opkënn.

Et wir awer och indiquéiert, an deem Mooss, wou d'Kadasterverwaltung weess, wat fir eng Immeublé concernéiert sin, dass d'Propriétaire vun denen Immeublé géifen eng schréffleche Matdelung kréien an drop opmierksam gemaacht gin, dass se an denen nächste fënnel Jor spéitstens missten déi Formalitéiten erfüllen, dass eigentlech net méi de Wëlle géif bestoen, fir dat Gesetz hei nach eng Kéier ze prorogéieren.

An deem Sënn wir et och vläicht net schlecht, wann d'Kadasterverwaltung am järeleche Rapport, dee mer virum Etat de la Nation kréien, géing Jor fir Jor drop opmierksam maachen, wéi de Stand der Dinge as. Da géife mer et vläicht fäerdebréngen, dass a fënnel Jor déi 3.500 Immeublén, déi elo nach kee Cadastre vertical hun, déi Formalitéit erfüllt hätten.

Ennert dem Bénéfiss vun denen Observatiounen bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun, nodeems ech de Rapporteur félicitéiert hu fir säin ausféierleche schréfflechen a mündleche Rapport.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean Asselborn.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, ech fanne et gutt, dass mer op dee Wee gin, dass dann och Privatheit, dee Moment kënnen esou eng Funktioun ausüben. Alleguer déi, déi Verantwortung hun an de Gemengen, wëssen, wéi laang dass d'Leit heiansdo musse waarden, ier dee Mesurage gemaacht gët, well de Kadaster eigentlech zevill Aarbecht ze bewältegen huet. Dofir as dat doten, mengen ech, en Avantage fir d'Leit.

Ech géif och dem Här Weiler félicitéiere fir séng Aarbecht a soen, dass mir dee Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt heimat den Accord vu ménger Fraktioun zu deemem Projet gin.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, zu deemem Projet de loi wollt ech den Accord vu ménger Fraktioun abréngen.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Budget.- Ech wollt selbstverständlech och dem Här Weiler merci soë fir säi Rapport. D'Suggestioun, déi den honorablen Här Grethen hei gemaacht huet, huelen ech gär mat an déi zoustänneg Verwaltung.

Wichtig as, dass d'Leit dobaussen dat also och elo wëssen, besonnesch well am Virfeld schon Tribunes libres asw. an den Zeitunge komm sin, wou drastoung, dass dat Gesetz elo géing expiréieren, an et wär keen neien Text do. Dat as, well d'Kommissiounsaarbechten an der Châmber net déi Publicitéit kréien, déi se brauchen, wann et em technesch Projeté geet. Bei denen anere schwätzen d'Membere vun de Kommissiounen jo ganz oft. Hei as dat net geschitt, an dofir wossten d'Leit dat net.

Et as also wesentlech, dass d'Leit dobausse matkréien, dass déi Obligatiounen vum Cadastre vertical elo weider bestoë bleiwen. Ech sin zouversichtlech, dass, wann deen zwete Volet, op deen d'Regierung drängt, och an denen nächste Méint kann hei verabschied gin, aus dene Grënn, déi den Här Asselborn elo hei genannt huet, mer et da scho fäerdebréngen, an denen nächste Joren, dee ganze Kadaster do emgesat ze kréien.

Ech si wierklech frou, dass mer dat heite séier konnte maachen. Ech wollt dem Här Grethen awer soen, dass mir déi ganz Zäit selbstverständlech un d'Expiration vun deem Délai hei geduecht hun, dass séng Erënnerungen, déi en eis och bei de Budgetsdebatten matgedeelt huet, net iwuerhéiert gi sin, bien au contraire, mä dass ech ëmmer der Meinung war, d'Budgetsgesetz wär kee "fourre-tout-Gesetz". Wann ech et nämlech do dragesat hätt, da wär den Här Grethen bestëmmt deemools opgestanen an hätt gesot, mä dat heiten huet jo awer wierklech näischt mam Budget ze doen.

Dofir zéien ech deen heite Wee vir, an ech si frou, dass d'Châmber dat unanime haut stëmmt, fir déi Rechtsongesécherheet, déi hätt kënnen entstoen, wann dat net séier genuch geschitt wär, ze emgoen. Dofir wär ech och frou, wann dee Projet kéint d'nächst Woch prioritär gestëmmt gin, dass mer e kéinte virum 1. Abrëll am Memorial publizéiert hun.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun as elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen an enger nächster Sitzung driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Mir fueren dann elo weider mat eisem Ordre du jour a kommen zum Projet de loi 4370 iwuer de Finanzsecteur. Et hu sech schon ageschriwwen: déi Här Grethen, Asselborn a Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alphonse Theis.

6. Projet de loi 4370 portant

- **transposition de la directive 95/26/CE relative au renforcement de la surveillance prudentielle, dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier et dans la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectif;**

- **transposition partielle de l'article 7 de la directive 93/6/CEE relative à l'adéquation des fonds propres des entreprises d'investissement et des établissements de crédit, dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;**

- **différentes autres modifications de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;**

- **modification du règlement grand-ducal du 19 juillet 1983 relatif aux contrats fiduciaires des établissements de crédit**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Alphonse Theis (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, deen ech Iech elo virdroen a presentéieren, besteet aus véier Deler, déi ee gemeinsamen Nenner hun: de gesetzlechen an de reglementaresche Kader vun eiser Finanzplaz soll complétiert, beziehungsweise aktualiséiert gin. Dëst heescht awer nët, datt een déi véier Partien zesammen ofhandele kéint. Et geet nämlech all Kéier ëm eng ganz spezifesch Matière. An deem Sënn handelt et sech hei ëm ee komplexe Problem a Projet. Do muss ee schon der Rei no fueren, fir ze erklären, wat d'Regierung am Detail proposéiert.

Un éischer Plaz soll eng europäesch Direktiv vun 1995 iwwer eng besser Kontroll vun de Finanzinstituter an eist Gesetz vun 1993 iwwer de Secteur financier iwwerdroë gin.

Wann ech drun erënneren, datt mat dëser Direktiv déi néideg Konsequenzen aus der Affär vun der BCCI um europäesche Plang gezu gi sin, ka keen Zweifel méi bestoen, ëm wat et hei geet. Mir hu schon en Deel vun der "post-BCCI-Direktiv" transposéiert, an zwar déi Dispositionen, déi sech op de Versécherungssektor bezéien. Elo mussen awer nach déi Dispositionen ëmgesat gin, déi sech op de Secteur financier bezéien. Hei soll d'Surveillance prudentielle doduerch verstärkt gin, datt déi gesetzlech Kontrollorganer - dëst as jo bei eis d'Commission de surveillance du secteur financier - Informatiounen mat aneren, genee definéierten Autoritéiten, Organer a Persounen échangéieren dierfen.

Eng wesentlech Konditioun muss awer erfëllt gin, an zwar: Informatiounen dierfen nëmmen un Autoritéiten, Organer a Persounen goen, déi engem legale Berufsgeheimnis ënnerleien, dat esou streng as wéi d'Berufsgeheimnis, un dat eis Commission de surveillance du secteur financier gebonnen as.

Eng zweet Mesür - och ganz wichteg -, déi d'Kontroll vun der Finanzbranche verbessere soll, betrëfft d'Réviseurs d'entreprises. Si gin elo obligéiert, der Commission de surveillance all Onregelméissegkeet ze mellen, déi si bei der gesetzlecher Prüfung vun de Konte vun engem Finanzinstitut feststellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a séngem zweeten Deel proposéiert de Projet de loi 4370 ebefalls d'Transposition vun enger europäescher Direktiv an d'Gesetz vun 1993 iwwer de Secteur financier. Hei handelt et sech ëm déi sougenannt Adequanz-Riichtlinn vun 1993.

Duerch dësen Text gin d'Banken an d'Fongen obligéiert, duerch eng adequat Relatioun tëscht hiren egene Mëttelen an dene verschiddene Risiken, déi si am Kader vun hiren Aktivitéiten agin, hir Solvabilitéit ze garantéieren. Ausserdeem gin d'Fongen de Banken an deem Sënn gläichgestallt, datt si op enger konsolidéierter Basis vun der Autorité de surveillance prudentielle kontrolléiert musse gin.

Dës Direktiv as zum allergréissten Deel virun 3 Jor duerch zwou Circularë vun fréieren IML transposéiert gin. Et handelt sech hei ëm d'Circular 96/127, déi d'Banken ugeet, an ëm d'Circular 96/128, déi sech op d'Fonge bezitt. En Deel vun Artikel 7 vun der Adequanz-Direktiv konnt awer nët op déi selwecht Manier transposéiert gin. Duerch deem séng Paragraphen 1 bis 9 as nämlech de Champ d'application vun der Surveillance prudentielle op d'Fongen ausgedeeent gin. Dat kann awer nëmmen duerch e Gesetz geschéien. Konkret heescht dat, datt déi puer Sätz vun Artikel 7 vun der Adequanz-Direktiv duerch e Gesetz transposéiert musse gin.

Elo gin am Titel vun Projet de loi nach zwou aner Mesüre genannt, déi mat eiser Finanzplaz, beziehungsweise eleng mat de Banken ze din hun. Esou soll duerch verschidden Ännerungen am Gesetz vun 1993 iwwer de Secteur financier garantéiert gin, datt Banken an Investitionsgesellschaften aus Liechtenstein, Island an Norwegen nët diskriminéiert gin. Déi 3 Länner si Member vun "Espace économique européen", mä awer nët vun der Europäescher Unioun. Trotzdeem hu si e Recht op Gläichbehandlung an den EU-Länner.

Eleng mat de Banken huet schliesslech eng Ännerung an engem groussherzogleche Reglement vun 10. Juli 1983 ze din. Doduerch gët eng Begrenzung vun hiren Treuhand-Aktivitéiten opgehuewen, well dës Bestëmmung sech an der Praxis als iwwerflësseg erweisen huet. Bemierkenswäerterweis as de Conseil d'Etat dës Kéier d'accord, datt e Reglement duerch e Gesetz ofgeännert gët. Bis elo huet hien an esou Fäll regelméisseg mat enger Opposition formelle reagéiert, am Numm vun der "hiérarchie des normes". No der Meinung vun Staatsrot dierf e Reglement nëmmen duerch en neit Reglement an e Gesetz nëmmen duerch eng legislativ Mesür ofgeännert gin.

Dës Kéier verzicht de Conseil d'Etat op eng Opposition formelle. Hien hält awer drop, séng Haltung a séngem Avis vun 26. Januar 1999 ze justifizéieren. Hie stellt fest, datt de Règlement grand-ducal vun 19. Juli 1983 op